LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Aarbechtsminister op d'parlamentaresch Fro n° 4337 vum 27. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Georges Mischo.

*Fro 1: Gouf virum Entscheeden iwwer d'Duerchféierung vun dëse Chantieren eng Evaluatioun vun de Gesondheets- a Sécherheetsrisike fir d'Aarbechter gemaach?*

D'Evaluatioun vun de Gesondheets- a Sécherheetsrisiken ass virum Ufank vun all Chantier gesetzlech virgeschriwwen. D'Responsabilitéit fir dës Risikoevaluatioun läit bei all eenzelne Patron. De Code du travail verflicht all Patron, d'Sécherheet an d'Gesondheet vu senge Salariéen an allen Aspekter, déi mat der Aarbecht ze dinn hunn, sécherzestellen. Sie/Hie muss d'Risiken, deenen d'Salariéen ausgesat sinn, evaluéieren, déi néideg Präventiounsmoossnamen huelen an dës Moossname permanent un d'Evolutioun vun den Ëmstänn upassen. Spezifesch Risike wéi héich Temperature gehéieren integral mat an dës Evaluatioun. Well dës Evaluatioun an d'Responsabilitéit vun all eenzelne Patron fält, kann de Staat se net amplaz vun den Entreprise maachen. D'Kontroll, ob d'Patronen dës Flicht anhalen, läit bei der Inspection du travail et des mines (ITM).

Als Bauhär suergt de Staat awer dofir, datt op senge Chantieren déi reglementaresch Präventiounsinstrumenter op der Plaz sinn. Fir gréisser Chantieren a fir Chantiere mat besonnesche Risike muss virun der Ouverture vum Chantier en allgemenge Sécherheets- a Gesondheetsplang opgestallt ginn. An deem Plang mussen och d'Risike vun extreme Wiederkonditiounen, dorënner d'Hëtzt, mat berécksiichtegt ginn. Fir all Chantier, op deem op d'mannst zwou Entreprisen intervenéieren, muss donieft e/eng Sécherheets- a Gesondheetskoordinator*in beoptraagt ginn. Eng Koordinatorin oder e Koordinator intervenéiert och bei Chantiere mat Aarbechten, déi besonnesch Risiken opweisen. An deem Fall muss sie/hien scho wärend der Ausaarbechtung vum Projet doriwwer waachen, datt dës Risiken evaluéiert ginn an datt den allgemenge Sécherheets- a Gesondheetsplang déi néideg spezifesch Moossname virgesäit. Op de gréissere Chantieren um Autobunnsnetz ass eng Koordinatorin oder e Koordinator praktesch ëmmer beoptraagt. Dës Koordinatorin oder dësen Koordinator huet eng reng Koordinatiounsaufgab. Sie/Hien koordinéiert d'Ëmsetzung vun den allgemenge Präventiounsprinzipien tëscht de verschiddenen Entreprisen a passt den allgemenge Sécherheets- a Gesondheetsplang un d'Evolutioun vun den Aarbechten un. Sie/Hien iwwerhëlt awer net d'Responsabilitéit vun de Patrone fir d'Risikoevaluatioun. Dës Responsabilitéit bleift ëmmer bei all eenzelnem Patron.

*Fro 2: Op Basis vu wéi enge Krittäre gëtt decidéiert, ob ëffentlech Chantiere bei extremer Hëtzt kënne weiderlafen oder misste gestoppt ginn?*

De Code du travail gesäit keng fix Schwellewäerter vir, bei deenen Aarbechten automatesch missten agestallt ginn. D'Decisioun, ob Aarbechten op engem Chantier bei extremer Hëtzt weidergefouert, ugepasst oder ënnerbrach ginn, baséiert op der Risikoevaluatioun, déi all Patron am Kader vu senge gesetzleche Flichte maache muss. An dëser Evaluatioun ginn déi konkret Ëmstänn um Terrain berécksiichtegt, ënner anerem d'Aart an d'Dauer vun den Aarbechten, d'kierperlech Belaaschtung fir d'Salariéen, d'Wiederkonditiounen esou wéi d'Schutzausrüstung, déi gedroe muss ginn.

D'ITM publizéiert Informatiounen a praktesch Recommandatiounen, déi de Patronen hëllefen, hir gesetzlech Flichten ëmzesetzen, a si kontrolléiert d'Anhale vun de Bestëmmunge vum Code du travail. Och aner Autoritéiten a Servicer, wéi d'Association d'assurance accident, d'Direction de la santé oder d'Servicer vun der Aarbechtsmedezin, publizéiere Recommandatioune fir d'Präventioun vu Risiken duerch grouss Hëtzt. Fir d'Präventioun um Terrain sinn niewent dësen Institutiounen awer virun allem déi concernéiert Acteure selwer zoustänneg. An éischter Linn sinn dat d'Patronen, awer och d'Maîtres d'ouvrage an d'Maîtres d'œuvre, de Salarié désigné, d'Sécherheets- a Gesondheetskoordinatoren an d'Sécherheetsdelegéiert.

Zousätzlech fléissen och operationell Aspekter an d'Bewäertung an, notamment déi allgemeng Chantiersplanungen, d'Koordinatioun tëscht de verschiddenen Entreprisen an hir Disponibilitéiten, well d'Aarbechten dacks openeen ofgestëmmt sinn an deelweis parallel oder an enger festgeluechter Reiefolleg musse realiséiert ginn.

Ausserdeem gëtt iwwerpréift, ob déi erfuerderlech Schutzmoossname kënnen ëmgesat ginn, wéi zum Beispill Schietzonen no bei den Aarbechtsplazen, reegelméisseg Pausen an d'Bereetstelle vu genuch Drénkwaasser. Dës Evaluatioun geschitt ëmmer am Kontext vun den Aarbechten, déi auszeféiere sinn, well verschidden Aktivitéiten aus techneschen oder Qualitéitsgrënn ouni Ënnerbriechung musse kënnen ofgeschloss ginn.

*<u>Fro 3: Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt déi betraffen Aarbechten net op e spéideren Zäitpunkt hätte kënne verréckelt ginn?</u>*

D'Plange vun ëffentleche Chantieren ënnerleie villfältegen techneschen, organisatoreschen a logistesche Contrainten. Dobäi spillen ënner anerem national an international Verkéiersstréim, Vakanzen a Feierdeeg, d'Disponibilitéit vun den Entreprisen, souwéi saisonal a meteorologeschen Zäitfënsteren eng wichteg Roll.

Op de lëtzebuergeschen Autobunne ginn all Joer ronn 2000 Chantieren duerchgefouert. Dës mussen net nëmmen ënnerenee koordinéiert ginn, mee och mat enger Rei externer Facteuren ofgestëmmt ginn, dorënner de Verkéier, Chantieren op de Staats- a Gemengestroossen, Aarbechten um Schinnennetz, souwéi grouss a kleng Manifestatiounen an aner Evenementer.

Am Virfeld gëtt systematesch gepréift, ob eng Upassung vum Zäitplang méiglech ass. An eenzelne Fäll ass d'Verréckelen aus organisatoreschen oder technesche Grënn net méiglech.

*<u>Fro 4: Goufen Alternativen, wéi déi méi kill Moies- oder Owesstonnen oder eng temporär Ënnerbriechung vun den Aarbechten, analyséiert? Wa jo, mat wéi engem Resultat?</u>*

Jo, dës Optioune ginn am Virfeld analyséiert. Bei verschiddenen Aarbechte kënnen d'Aarbechtszäiten op déi méi kill Moies- oder Owesstonne verluecht ginn, dobäi gëtt, wa méiglech, och dem Verkéiersopkommes Rechnung gedroen, andeems d'Aarbechten ausserhalb vun de Spëtzestonne geplangt ginn.

Allerdéngs ass eng esou Upassung net bei all Chantier méiglech. Jee no Aart vun den Aarbechten, den techneschen Ufuerderungen an där néideger Koordinatioun mat aneren Entreprisen oder Aarbechtsetappen, kënnen d'Zäitfënstere limitéiert sinn. Zousätzlech kënnen temporär

Ënnerbriechungen oder méi laang Pausen ageplangt ginn, fir d’Belaaschtung fir d’Aarbechter·innen ze reduzéieren.

A verschiddene Situatiounen (beispillsweis bei Chantiere mat engem fest virgeschriwwenen Zäitfënster, wéi Weekendchantiere, déi aus Verkéiersgrënn bis e Méindeg de Moie 6h00 ofgeschloss musse sinn) besteet awer nëmme begrenzte Spillraum fir ee Verréckelen oder eng méi laang Ënnerbriechung vun den Aarbechten.

*Fro 5: Wéi gëtt séchergestallt, datt d’Entreprisen, déi op dëse Chantiere schaffen, d’Recommandatioune vun der ITM an hir Flicht zum Schutz vun de Salariée konsequent respektéieren?*

D’Haaptverantwortung fir de Schutz vun de Salariéë läit bei all eenzelne Patron. D’Entreprisen, déi op dëse Chantiere schaffen, si gesetzlech verflicht, d’Sécherheets- a Gesondheetsbestëmmunge vum Code du travail anzehalen, hir Risiken ze evaluéieren an déi néideg Präventiounsmoossnamen ëmzesetzen. D’Recommandatioune vun der ITM begleeden d’Patronen an der Ëmsetzung vun dëse gesetzleche Flichten.

Fir all Chantier, op deem op d’mannst zwou Entreprisen intervenéieren, muss konform zur gëlteger Reglementatioun e Sécherheets- a Gesondheetskoordinator beoptraagt ginn. Eng Koordinatorin oder e Koordinator intervenéiert och bei Chantiere mat Aarbechten, déi besonnesch Risiken opweisen. D’ Koordinatorin oder den Koordinator assuréiert d’Koordinatioun tëscht de verschiddenen Entreprisen an iwwerwaacht d’Ëmsetzung vum allgemenge Sécherheets- a Gesondheetsplang am Kader vu senge gesetzlechen Aufgaben.

D’Kontroll vum Respekt vun de gesetzleche Bestëmmunge fält an d’Kompetenz vun der ITM. Gréisser Chantiere musse der ITM op d’mannst zéng Aarbechtsdeeg virum Ufank vun den Aarbechte gemellt ginn. Dat erméiglecht et der ITM, geziilt Kontrollen ze organiséieren, notamment a Perioden vu staarker Hëtzt. Wa Manquementer festgestallt ginn, kann d’ITM op Basis vum Code du travail Injonctiounen notifiéieren a bei Bedarf Aarbechten temporär stoppen oder e Chantier zoumaache loossen.

*Fro 6: Wier d’Madamm Minister bereet, am Fall vun offiziell ausgeruffenen Hëtztalarmer (Alerte rouge) ze préiwen, ob d’Pläng fir net urgent Stroossechantieren ugepasst kéinte ginn, fir d'Gesondheet vun den Aarbechter besser ze schützen a gläichzäiteg d'Belaaschtung fir d'Verkéiersparticipanten ze reduzéieren?*

D’Stroossebauverwaltung koordinéiert d’Duerchféierung vun de geplangten Aarbechte kontinuéierlech a passt hir Planung un déi jeeweileg Ëmstänn un. Dobäi gëtt tëscht geplangten an net geplangten Interventiounen ënnerscheet, woubäi net urgent Stroossechantieren am Prinzip zu de geplangten Aarbechte gehéieren.

Et gëtt kee gesetzlechen Automatismus tëscht enger offiziell ausgeruffener Alerte rouge an engem Chantiersstopp. Eng Alerte rouge ass ee wichtegt Element, dat an d’Risikoevaluatioun an an d’Koordinatioun mat afléisst. Nom Code du travail muss de Patron seng Präventiounsmoossnamen awer permanent un d’Ëmstänn upassen an handelen, soubal d’Risiken et verlaangen, also och ouni datt eng Alerte rouge ausgeruff ass. Präventioun heescht net waarden, bis de Fall antrëtt. Präventioun heescht am Viraus festleeën, wat gemaach gëtt, wann esou eng Situatioun antrëtt, a

sech dorobber virzebereeden. Op Basis vun der Evaluatioun vun der Situatioun gëtt gepréift, ob et ubruecht ass, geplangte Chantieren unzepassen, ze verréckelen oder ofzesoen.

Wann d'Ëmstänn et erfuerderen an eng Upassung operationell méiglech ass, ginn déi néideg Mesurë geholl.

Lëtzebuerg, den 20. August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes